



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Zäit baut ee staark Relatioune mat Leit vu komplett aneren Hannergrënn wéi sengem op, déi keen engem méi ka forthuelen. Meng Gaaschtschwëster freet haut nach op mir zesumme kache sollen an ech kann et kaum ofwaarden et zu Lëtzebuerg am SCOPE begrëissen ze kënnen.

Den Austausch huet natierlech och Erausforderunge. Mäi Bus an d’Klinik huet heiansdo zwou Stonne gebraucht, well d’Mapuche

(indigee Vollek) d’Stroossen bei Protester verwüst hunn. Och an der Klinik kritt ee vill vun der sozio-ekonomescher Problematik mat, wann zum Beispill deen 12ten Patient vum Dag och Diabetes an héije Bluttdrock huet, well e keen Zougrëff zu enger balancierter Ernierung huet. Et war immens inspiréierend ze gesinn, wéi d’Gesondheetspersonal hiert bescht ginn huet mat limitéiertem Accès zu Ressourcen. Et huet mech net kal gelooss, wéi mäin Dokter mech mat enger Tréin am A verabschit huet mat ‘gracias por venir a conocer nuestra situación’.

A wann’s du elo och nach zweiwels, esou wéi ech am Ufank, da soen ech der nëmme – et war eng onvergiesslech Erfahrung obwuel ech oft ze héiere krut, op ech mir sécher wier meng éischt Famulatur nom 2. Joer Medezin sou weit fort ze maachen. Ech géing et genau sou nach eng Kéier maachen. Ech kann dir nëmme roden dech och aus denger Komfortzone ze schmässen, well des Erfahrung ass Gold wäert.

Véro Reinert

